N°3306
Entrée le 08.12.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.12.2025
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Cliärref, den 8. Dezember 2025

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

D'Ëmsetzung vun der Sorgfaltserklärung am Kader vun der EU-Entbëschungsveruerdnung (EUDR) bréngt fir vill landwirtschaftlech Betriber bedeitend nei Dokumentatiouns- a Meldepflichte mat sech. Parallel dozou huet d'Regierung ugekënnegt, e „Bevollmächtegten" schafen ze wëllen, fir d'Betriber an dëse Prozeduren ze ënnerstëtzen. An der Gesamtbetruechtung stellt sech d'Fro, ob dës Entwécklungen tatsächlech am Sënn vun enger administrativer Entlaaschtung sinn oder éischter op eng weider Komplexitéit hindeiten.

An dësem Kontext hätt ech follgend Froen:

1. Wéi evaluéiert d'Regierung déi administrativ Ufuerderungen, déi duerch d'EUDR-Sorgfaltserklärung entstinn a wéi gëtt séchergestallt, datt dës Prozedure fir landwirtschaftlech Betriber an der Praxis ëmsetzbar a verhältnisméisseg bleiwen?
2. Wéi eng konkret Funktioun a juristesch Roll soll de geplangten „Bevollmächtegten" iwwerhuelen a wéi wëll d'Regierung verhënneren, datt dësen neie Mechanismus net zu zousätzleche Käschten oder enger weiderer Bürokratiséierung féiert?
3. Ass d'Regierung bereet, sech op europäeschem Niveau fir Vereinfachungen an technesch Upassungen anzesetzen, falls sech erausstellt, datt d'EUDR an hirer aktueller Form fir déi landwirtschaftlech Betriber onverhältnisméisseg oder administrativ schwéier drobar ass?

Mat déiwem Respekt,

Michel Lemaire
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit an der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°3306 vum 8. Dezember 2025 vum eierewäerten Deputéierten Här Michel Lemaire iwwert « Déclaration EUDR et charges administratives pour les agriculteurs »**

1. **Wéi evaluéiert d'Regierung déi administrativ Ufuerderungen, déi duerch d'EUDR-Sorgfaltserklärung entstinn a wéi gëtt séchergestallt, datt dës Prozedure fir landwirtschaftlech Betriber an der Praxis ëmsetzbar a verhältnisméisseg bleiwen?**

D'EUDR-Reglement ass zanter Juni 2023 a Kraaft, seng Uwendung (« Entrée en application ») gouf awer 2024 op Enn 2025 verluecht. Nodeems d'EU Kommissioun am Oktober eng Vereinfachung vum Reglement proposéiert huet, huet Lëtzebuerg sech bei de Verhandlungen op europäeschem Niveau fir méi wäitreechend administrativ Vereinfachungen, notamment fir Mikro- a kleng Betriber, agesat. Ausserdeem huet Lëtzebuerg sech zesumme mat anere Memberstaaten erfollegräich derfir agesat, datt d'Uwendung vum EUDR fir mëttel- a grouss Betriber nach eng Kéier op Enn 2026, a fir mikro- a kléng Betriber op Juni 2027 verréckelt gëtt. Domadder gëtt engersäits den administrativen Opwand fir mikro- a kléng Betriber reduzéiert, an anerersäits kréien déi betraffen Acteuren déi néideg Zäit fir sech op d'Ëmsetzung virzebereeden. Ausserdem muss d'EUDR-Referenznummer just un den 1. Operateur en aval virugereecht ginn an net méi un all déi nogelagert Acteuren an der Liwwerketten.

D'Regierung vertrëtt d'Positioun, datt d'Ëmsetzung vum EUDR sou wéineg administrativen Opwand wéi méiglech fir d'Lëtzebuerger Betriber soll mat sech bréngen, ouni dobäi d'Bekämpfung vun der globaler Deforestatioun a Fro ze stellen. Am Kader vum modifizéierten EUDR-Reglement gouf déi néi Kategorie vun Mikro- an kléngen Betriber agefouert, ënnert déi zu Lëtzebuerg quasi all d'Bauerebetriber a Bëschbesëtzer falen. Grad fir dës Betriber gesäit d'Reglement lo eng nach méi vereinfacht Prozedur vir, bei där amplaz vun enger Sorgfaltserklärung just nach eng einfach an op Schätzunge baséierend Deklaratioun muss agereecht ginn. Ausserdeem baséiert dës Deklaratioun gréisstendeels op Informatiounen, déi souwisou schonn duerch aner national an europäesch Legislatiounen erhuewe ginn an sou zousätzlech administrativ Laaschten op een absolutte Minimum limitéiert ginn.

De Suivi an d'Ëmsetzung vum EUDR ginn um nationale Plang vum Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit geleet, an enker Zesummenaarbecht mam Wirtschaftsministère, dem ILNAS, dem Landwirtschaftsministère, der ALVA, der ASTA an der Naturverwaltung.

2. **Wéi eng konkret Funktioun a juristesch Roll soll de geplangten „Bevollmächtegten" iwwerhuelen a wéi wëll d'Regierung verhënneren, datt dësen neie Mechanismus net zu zousätzleche Käschten oder enger weiderer Bürokratiséierung féiert?**

Am Kader vun der Ëmsetzung vum EUDR iwwerhëlt de geplangte Bevollmächtegten eng technesch-administrativ Funktioun. Fir landwirtschaftlech Betriber iwwerhëlt de Landwirtschaftsministère als Bevollmächtegten d'Soumissioun vun der vereinfachter EUDR-Deklaratioun am IT-System vun der Kommissioun fir de Beräich vun de Ranner an dem Soja. D'Betriber mussen dofir ausser hirer schrëftlecher Zoustëmmung keng zousätzlech administrativ Prozeduren duerchlafen. Iwwert déi dofir

néideg Informatioune verfüügt de Ministère gréisstendeels souwisou schonns, sou datt keen oder nëmmen e minimalen zousätzlechen Opwand fir d'Betriber entsteet.

3. **Ass d'Regierung bereet, sech op europäeschem Niveau fir Vereinfachungen an technesch Upassungen anzesetzen, falls sech erausstellt, datt d'EUDR an hirer aktueller Form fir déi landwirtschaftlech Betriber onverhältnisméisseg oder administrativ schwéier drobar ass?**

Wéi virdrun duergeluecht huet sech d'Regierung an de Verhandlungen op europäeschem Niveau aktiv an erfollegräich vir d'Interessie vun de Lëtzebuerger Betriber agesat. Den neien Text vum EUDR-Reglement ass och den 23. Dezember am Journal officiel vun der Europäescher Unioun verëffentlecht ginn.

Lëtzebuerg, den 14. Januar 2026
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit